# JUGENDVERSAMMLUNG VUM 22.11.2025

jugendhaus nidderaanwen

## Programm Dezember :

De Programm gouf virgestallt. Am November sind nach Plazen beim Ofschlossiessen (5.12. **Raclette**) an beim Ausfluch op de Chrëschtmaart 🎄 zu **SAARBRECKEN** (18.12) fräi.

## ⚽ EJ CUP 26 / 10.1.2016🏅:

Et si schon eng Reih Jugendhaiser ugemellt. Fir d'Buvette hunn sech schon 2-3 Leit gemellt, bei der Kamera huet sech Stand elo just eng Persoun gemellt an fir d'Animatioun 2-3. Playlist soll verbessert ginn an d'Musek war deelweis ze luess/ze haard.

## 🎄Chrëschtmaart "A Schommesch" 6.12:

Mir hunn do en Stand wou d'Kanner an och soss jiddereen sech kann Marshmellows um Féier machen. Et gëtt nach een Anima oder Jonken gesicht fir ze hëllefen.

## Projet 2.Weltkrich🎗️:

D' Fahrt op Ausschwitz wärt viraussichtlech vum 29.10. - 3.11. sinn. Am Kader vun dëssem Projet sinn och folgend Aktiounen geplangt: Filmer zum Thema, Owender mat Zäitzeien, eng Visitte vum Aarbechtslager Natzweiler, Teambuilding mam Jugendtreff Norden .

## Belounungssystem "EJ"💰:

Zukünfteg wärt et méiglech sinn sech een "Kredit" ze verdengen, wann een fräiwelleg bei verschiddenen Sachen an Eventer hëlleft. Dësse Kredit an genotzt ginn, fir un Aktivitéiten méi bëlleg deelzehuelen oder sech Jugendhaus/EJ Merch ze kafen. Profitéieren sollen do déi Jonk, déi keng Zäit hunn den Anima-Brevet ze machen oder nach ze Jonk sinn. Et kann een sech och een Rendez-Vous mat engem Educateur huelen, wann een der Meenung ass, dass een sech e puer zousätzlech "EJ" verdengt huet.

## ⏰ Néi Ëffnungszäiten 2026 & Aschreiwungsziedelen

Ab Januar wärten et nei Ëffnungszäiten ginn. Et ginn och nei Aschreiwungsziedelen, déi misste vu jidderengem nachemol nei ausgefëllt ginn.

## Kolonie 2026 ✈️:

Folgend 2 Destinatiounen goufen firgestallt: Reykjavik an Budapest. Jiddereen, deen interesséiert ass, kann an de Koloniesgrupp op Whatsapp kommen an ab dem 27.11. ofstëmmen.

## 🍀Aktivitéitenwënsch fir Januar, Febraur an 2026

Escape Room zu Péiteng, Karting, Krimidinner, Bracelette machen, Stickeren am Mackerspace, Design vu Jugendhausstrëmp, Airtramp, Visitte vun engem Fussballsmatch (Bundesliga), Sushiworkshop

**DÉI NÄCHST JUGENDVERSAMMLUNG ASS DEN 13.12.25 UM 10H30**